I-2003-O-M-2946-0 (044)

Auteur : Aly Jaerling
Dag : 15. am Heemount 2003
Zil : Integratioun vu Behënnerten an d'Aarbechtswelt 4827

1

# Motioun

D'Volleksvertriederkummer

- an der Suerg eng optimal Integratioun vu Behënnerten an d'Aarbechtswelt ze garantéieren;
- stellt fest, datt d'Personaldelegatiounen am Betrib selwer keng direkt Kontrollméiglechkeet am Zesummenhang mat der Integratioun vun de Behënnerten hunn;
- an der Iwwerzeegong, datt en direkt Abanne vun de Personalvertrieder bei der Integratioun vu Behënnerten an d'Betriber seng Wichtegkeet huet;

fuerdert d'Regierong op

- gesetzlech Méiglechkeeten ze schafen, déi et de Personalvertrieder, respektiv den „délégués à l'égalité des chances", am Betrib erlaben vu vir eran an d'Kontrollmechanismen vum Integratiounsprozess vun de Behënnerten implizéiert ze ginn;
- de Personaldelegéierten, bei engem Refus e Behënnerten erëm am Betrib ze beschäftegen, en Asprochrecht zouzegestinn.

COLOMBERA HENCKES GREISEN

**Aly Jaerling**

GIBERYEN